



► **Une voix.**- Très bien!

(Brouhaha général)

► **M. André Bauler (DP).**-...ausser datt mir nach als Demokratesch Partei wëllte soen, datt mer ganz zefridde sinn, datt dësen Observatoire national de la formation, dee jo eng wichteg Aarbecht ze verrichten huet, elo endlech op eng legal Basis kënn.

Wat eis als DP besonnesch um Häerz läit, dat ass déi prospektiv Aarbecht, déi dësen Observatoire ënner anerem erfëlle soll, virun allem, wann et drëm geet, zukünfteg Beruffer am Viraus ze detektéieren, d'Kompetenzen, déi domadder verbonne sinn, viruszegesinn, a mat de Betriber zesummen déi Iwwerleeungen a Prospektiounen a konkret Aktiounen ëmzesetzen. Dat hëlleft ënner anerem an ënner Ëmstänn d'Aarbechtslosigkeit ze vermeiden oder Aarbechtslosigkeit ofzebauen, an dat muss eist Haaptzil sinn.

Dëst gesot ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soenlech Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bauler. Als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen.

(Interruptions)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo kréie mer also en Observatoire de la formation, wat sécher net schlecht ass, mä et muss een awer och soen, datt, fir en Androck ze kréie vun der Formatioun hei am Land, et dacks duergeet fir mat de Patronen ze schwätzen an ze héieren, wat déi fir Kloen hunn notament iwwert den Niveau vun deene Leit, déi aus eise Lëtzebuerger Schoulsystem erauskommen. Ech mengen, wann een dat géif eescht huelen, wat eist Patronat géif soen, an och déi Examen, déi beim Stat gemaach ginn, ech mengen, dann hätt een d'Defiziter am Schoulsystem scho ganz séier analyséiert. Et muss een da just de Courage hunn, dat och ze soen an dann och déi néideg Mesuren ze huelen.

Mir kënnen eis och nach eng zweet Fro stellen. Mir hunn elo den Observatoire, dee mer begrëssen, an ech soen dem Här Rapporteur ausdrécklech Merci fir dee gudden Rapport, deen e gemaach huet. Mä mir kréien net nëmme dësen Observatoire, mir hunn och nach ee vum Marché de l'emploi, deen ënnerwee ass. Mir hunn och d'Statistiken, déi am Éducatiousministère selwer opgestallt ginn. A wéi esou dacks stellt sech dann d'Fro, ob et net besser wär, Ressourcen zesummenzuleeën, amplaz datt mer elo zwou oder dräi Plazen hunn, déi esou Etüde maachen. Alles dat kascht Geld, an et wär besser, Synergien ze schafe wéi double oder triple Emploi.

An eng lescht Bemierkung: Mir hätten dat Gesetz hei ganz sécher net gestëmmt, wann all déi Dispositiounen draoséi bliwwen wären, déi géint d'Protektioun vun der Sphère privée verstouss hunn. Alt erëm eng kéier huet d'Regierung hei um Ufank e Projet de loi proposéiert, eis virgeluecht, deen u sech den Honger vum Stat no Daten demonstréiert huet, a mir müssen einfach als Stat léieren, datt de Stat weder soll alles wëssen nach däréi alles wëssen nach muss alles wëssen!

Mir müssen als Stat eis limitéieren an erëm eng nei Kultur vun der Protektioun vum private Liewe kréien. De Statsrot hat dat mat Recht kritiséiert. Et ass gutt, datt dat fale gelooss ginn ass. An nëmme, well déi Ingérence an d'Privatliwen net méi an engem Gesetz ass, nëmme dowéinst kann d'ADR dat haut matstëmme.

Nach eemol: Mir soen dat och am Zesummenhang mam Gesetz iwwert de glieserene Schüler. Fir eis als Partei steet d'Protektioun vun der Privatsphär ganz uewen op der Prioritéitelëscht. An e Gesetz, dat géint esou e Prinzip verstéisst, géife mir sécher net matstëmme.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. D'Wuert kritt elo d'Madame Éducatiousministesch Mady Delvaux-Stehres.

(Interruptions et hilarité)

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Merci, Här President. Och ech wëllt mech uschlëssen un d'Merzien un de Rapporteur, den Här Diederich, deen dëse méi technesch Rapport virgestallt huet. Ech freeë mech iwwert dee breede Konsens hei an dësem Parlament a wëllt da just rappéléieren, dass den INFPC - Institut national de formation professionnelle continue - effektiv säit 1992 besteet an dass en elo eng nei Missioun derbäi kritt. Hie gëtt elo Observatoire national de la forma-

tion, dat ass keen double Emploi mat aneren Observatoiren, déi mer hunn.

Deen Observatoire ass scho laang gefrot ginn - säit ech mech kann erënnere - an den Observatoire besteet doranner, dass en ënnersicht: Déi Jugendlech, déi aus eise Schoulsystem erauskommen mat engem Diplom, wou sinn déi zwee Joer duerno, dräi Joer duerno, fënnf Joer duerno? Well mir wëssen effektiv ganz gutt, wéi vill Schüler mat engem Diplom aus eise Schoulsystem erauskommen. Mir kënnen awer net novollzéien, ob déiselwecht Schüler an hirem Beruff dra bliwwen sinn oder ob se no e puer Joer an en anere Beruff gewieselt hunn.

An et ass dat, wou ëmmer erëm gesot gëtt, dass net de Ministère, mä eis Économie an d'Aarbechtswelt Informatiounen brauch, fir ze wëssen: Wat ass de Profil, dee gebraucht gëtt, a mat wéi engem Profil geet ee wouhinne schaffen? Dat ass also déi Informatioun, déi mer hoffen iwwert dësen Observatoire zesummenzestellen.

Effektiv hat ech an deem éischte Projet de loi drageschriwwen, dass d'Autorisatioun, fir déi Datebank ze exploitéieren, sollt iwwert d'Chamber gi ginn, well dat ass jo deen héchste Gremium, dee mer hei am Land hunn, a wann deen autoriséiert, dass déi Donnéeën däréi opgehuewe ginn, da wär dat iwwer Gesetz festgeluecht. De Conseil d'État huet dat verworfen. Mir hunn elo eng Autorisatioun ugefrot an der Dateschutzkommissioun, déi dann an normaler Prozedur d'Autorisatioun gëtt, mä also ech... à moins, dass haut eng Autorisatioun komm wär, war ech gëschter nach net an der Kenntniss, datt mer d'Autorisatioun hunn.

Dat heescht also, dass mir zwar elo e Gesetz stëmme, wou mer kënnen en Observatoire grënne, mä esou laang wéi mer d'Autorisatioun net hunn, kann deen Observatoire net schaffen! Dat wollt ech just hei zur Informatioun vun dësem Parlament soen.

Ech freeë mech awer driwwer, dass et gestëmmt gëtt, a wa mer d'Autorisatioun dann hunn, dass déi Informatiounen, déi mer säit Jore froen, dass mer déi dann och kënnen erhiewen. Duerfir soen ech lech villmools Merci fir déi breet Zoustëmmung an ech waarden, esou wéi Dir, huelen ech un, mat grousser Spannung op déi éischt Resultater vun deem Observatoire.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Ministesch. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6341 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6341 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Serge Wilmes);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 6365 iwwert de Sportlycée. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Scholtes, den Här Berger, d'Madame Lorsché an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

9. 6365 - Projet de loi portant création du Sportlycée

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Madame Minister, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6365 portant création du Sportlycée ass de 17. November 2011 vun der Éducatiousministesch déposéiert ginn. Den 1. Dezember 2011 sinn ech an der zoustänneger Kommissioun als Rapporteur designéiert ginn an deeselwechten Dag hu mir och mat der Analys vum Projet de loi ugefaangen.

► **M. le Président.**- Ech géif lech allegueren bidden nozelauscheren a wierklech déi privat Gespécher da virun der Dier ze féieren. Merci.

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- De Projet de loi ass och vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics esou wéi vum COSL aviséiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 20. Mäerz vun dësem Joer ginn, wou eng Opposition formelle betreffend d'Admissiounskonditiounen vun de Schüler dra war. Ech komme spéider nach eng kéier op dës Opposition formelle zréck.

Här President, eng Struktur, déi et de jonke Mënschen erlaabt, fir Studium a Sport mateneen ze verbannen, ouni op dat engt oder op dat anert ze verzichten, ass eng Doléance, déi schonn e gewëssenen Alter huet an op déi ganz ongedëlleg an der Lëtzebuerger Sportswelt gewaart gëtt. De Sportlycée ass déi adequat Antwort, fir jonk Sporttalenter ze fördern. Ee Wee, dee vun eise Sportsfederatiounen an dem COSL natierlech ënnerstëtzt gëtt.

Vun 1989 un hate Sportler hei am Land schonns d'Méiglechkeet zwee- bis dräimol pro Woch an de Strukturen vun de Centres de formation vun der ENEPS an de Federatiounen nomëttes ze trainéieren. Haut schwätze mer vu ronn 550 Sportler a vu 15 Federatiounen, déi dëst schonns notzen. Vum Schouljoer 2001 u sinn d'Sportklassen an de Lycée Aline Mayrisch integréiert ginn a vun 2007 u fonctionnéieren d'„sports-études“ um Site vum INS als Annexe vum Lycée Aline Mayrisch.

D'Unzuel vun de Schüler ass kontinuéierlech a staark eropgaangen, vun 23 Schüler, pardon, 73 Schüler am Joer 2007 bis 305 Schüler a Studente beim aktuelle Schouljoer. De Corollaire ass, datt d'Infrastrukturen ze kleng gi sinn an datt d'Lëtzebuerger Sportswelt elo ee Sportlycée mat deenen néidegen Infrastrukture brauch.

Ënnert dem Term Sportlycée regroupéiert sech elo eng Cellule de coordination des centres de formation fédéraux, déi bis elo am Département ministériel des sports integréiert war an de Projet „sports-études“, deen als Objektiv huet, wéi säin Numm et scho seet, optimal Konditiounen an deenen zwee Beräicher fir Sportler ze schafen.

Déi zwee Hauptvoleten vun dësem Gesetz sinn de pädagogesche Volet, wou den Enseignement, Tutorat, Internat an esou weider definiéiert gëtt, an de sportleche Beräich, wou de Suivi sportif, médical, paramédical an diététique behandelt gëtt. Fir d'Rentrée vun dësem Schouljoer 2012-2013 wäerte mir am Sportlycée ongeféier 330 Schüler hunn, verdeelt am ganzen op 15 Klasse vu Septième bis Première am Secondaire, a vu Septième bis Neuvième am Secondaire technique. Fir eng komplett Oféier och am ganze Cycle supérieur kënnen unzibidden, gëtt mat anere Lycéeën zesumme geschafft, wéi dat bis elo zum Beispill beim Bouneweger Lycée gemaach ginn ass.

Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Projet de loi gëtt net iwwert d'Sportinfrastrukturen, mä nëmme - „nëmme“, entre guillemets - iwwert de Fonctionnement vum Sportlycée ofgestëmmt. Vu datt d'Infrastrukturen awer och grad esou wichteg sinn, wollt ech awer kuerz eng kéier doriwwer schwätzen, och wa se, wéi gesot, net am Projet de loi selwer Bestanddeel sinn.

Dës Infrastrukturen, déi fir de Sportlycée néideg sinn, sinn emol e Schoulgebaai fir 400 bis 450 Schüler, eng Sportshal, déi als Struktur bei den INS kënn, e weidere Parking fir 40 bis 50 Autoen a schlussendlech en Internat mat enger Capacitéit fir 40 Schüler. Niewent den Infrastrukture vum INS kann de Sportlycée och op d'Sportshale vum Campus Geesseknäppchen an op d'Coque zréckgräifen.

De Sportlycée garantéiert een Accueil vun hallwer aacht moies bis fënnf Auer nomëttes, eng Restauratioun fir ronn 400 Couverté pro Dag, déi mam Service Restopolis vum Ministère de l'Éducation nationale ugebuede gëtt. All d'Schüler aus dem ënneschte Cycle müssen do iessen, wat awer kee Problem duerstellt, well

momentan ronn 80% vun de Schüler op dës Offer vum Restaurant vum INS souwisou zréckgräifen, also domadder zefridde sinn.

An der zoustänneger Kommissioun huet sech de Sportsminister och ganz zouversichtlech ginn, datt d'Schoulgebaai an d'Internat vum Sportlycée fir d'Rentrée vun dësem Schouljoer fäerdeggestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Missionen an d'Objektiver vum Sportlycée am beschten ze beschreiwen, kann een dëst an dräi Stéchwierder resüméieren: Éischters d'Reussite scolaire, zweetens d'Reussite sportive an drëtens d'Intégration sociale. Am Kader vun der Reussite scolaire adaptéiert de Sportlycée säi Stonneplang esou, dass d'Schüler all Dag genuch Zäit hunn, fir ze trainéieren. Dëst soll ëmmer am Aklang mat der Ausbildung an als Zil de Schoullofschloss hunn.

Net nëmme fir d'Schüler, mä och fir d'Enseignant vum Sportlycée ass dëst eng nei Eerausforderung. De pädagogeschen Deel vum Sportlycée bedeit fir d'Professeren och méi eng grouss Flexibilitéit an hirem Enseignement, well eben d'Schüler duerch Training a Sportskompetitiounen net ëmmer do sinn.

Duerfir ass den Tutorat ëmsou méi wichteg. All Professer gëtt Tuteur vun enger gewëssener Zuel vu Schüler, déi an enger oder zwou Federatiounen sinn. Den Tuteur behält den Iwwerbléck iwwert de Schüler seng sportlech a schoulesch Fortschreter an ass fir de Kontakt tëschent dem Léierpersonal, den Elteren an den Trainer zoustänneg. Wann et am schoulesche Beräich Problemer sollte ginn, da kann de Schüler an den traditionellen Unterrecht ëmmer zréckgoen.

D'Reussite sportive, den zweete Punkt, hänkt vill vun der Organisation scolaire of, an an dëser muss Plaz sinn, fir datt de Schüler seng sportlech Entwécklung a seng sportlech Ziler erreeche kann. Duerfir ass eng enk Zesummenaarbecht tëschent den zoustänneger Federatiounen an dem Sportler no de Prinzipien vum „long term athlete development“ néideg.

Dëse Prinzip, jo dëse Modell setzt haapt-sächlech op physescht Kënn bei de Kanner a Jugendlechen, ouni en Ënnerscheed tëschent dem Héichleeschtungssport, dem Kompetitiounssport oder dem Fräizäitsport ze maachen. Et handelt sech ëm ee kompletten Trainings- a Kompetitiounsprogramm, deen éischter op den Niveau vun der Entwécklung beim Sportler wéi sech op den Alter bezitt. D'Motricitéit vun de Schüler an d'Verhënnerung vun de Blessur gëtt mat de Federatiounen iwwert d'Centres de formation am Sportlycée diskutéiert a beschwat.

Deen drëtten Punkt, dat ass d'Intégration sociale, ass den drëtten Haaptobjektiv an der Struktur vun den „sports-études“. Den Défi fir Sport mat Léieren ze verbannen ass scho grouss genuch, mä Wäerter wéi de Respekt vun aneren, Disziplin, Solidaritéit, den Équippégescht, sech kritesch mat Problemer auseenezesetzen, sech sportlech ze entwéckle kënn nach dobäi. Terme wéi Fairplay, Dopage wäerten ëmmer erëm optauchen an all Sportler, jo all Schüler soll a muss sech ëmmer mat all dëse Wäerter an Terme beschäftegen. Bei all deenen dräi Objektiver, mengen ech, ass et ee Wonsch vun de Verantwortleche vum Sportlycée, fir een optimalen Encadrement ze garantéieren.

Här President, am Avis vum Statsrot vum 20. Mäerz vun dësem Joer hat de Statsrot eng Opposition formelle, wat d'Astellungskritäre vun de Schüler fir de Sportlycée betrëfft. Ech hunn dat scho gesot. A sengem Avis huet de Conseil d'État eng Proposition gemaach, déi d'Artikelen 11 an 12 vum Projet de loi betreffen. Dës Propositionen hunn och een Impakt op de Libellé vum Artikel 4 an domat op d'Missiounen vum Comité de coordination.

Et ass eben dëse Comité de coordination, dee sech aus engem Delegéierten vum Éducatiousministère, aus dem Sportsministère, engem Delegéierten aus dem Organisme central du sport a vun engem Directeur adjoint zesummesetzt. Dës Membere gi mat engem Mandat, wat erneiert ka ginn, fir dräi Joer iwwer Arrêté ministériel vun der Éducatiousministesch genannt.

Den ursprüngelechen Text vun dësem Projet de loi huet virgesinn, dass d'Kandidate fir de Sportlycée mussen vun de Federatiounen proposéiert ginn. Wann et méi Kandidate wéi Plaze sollte ginn, da géif de Comité de coordination Opnahmekritären opsetzen. Dës Formulation war dem Statsrot ze schwammeg an onprezis. D'Kritäre müssen an engem Règlement grand-ducal festgehalen ginn an och d'Kandidaten, déi



net vun enger Federatioun proposéiert sinn, solle sech umelle kënnen. Esou ee Projet vun engem Règlement grand-ducal huet d'Madame Minister der Éducationskommissioun virgeluecht.

Nodeems d'Éducationskommissioun eng Rei Amendementer d. 24. Mee 2012 un de Statsrot weidergeleet huet an dësen a sengem Avis complémentaire mat alleguerten dësen Amendementer d'accord war, a vu datt d'Kommissioun sech och der Proposition, wat d'Aschreiwungskonditiounen vun de Schüler (veuillez lire: betrëfft), dem Avis vum Conseil d'État ralliéiert huet, nämlech dëst iwwer ee Règlement grand-ducal ze maachen, ass d'Opposition formelle fale gelooss ginn. D'Amendementer a weider Detailer zu dësem Projet de loi 6365 kënn Dir a mengem schrëftleche Rapport noliessen.

Zum Schluss wëll ech all de Sportler an Athleten, déi net wëllen op...

(Interruption)

Merci, Här Gibéryen ...déi net wëllen op hire Sport verzichten an trotzdem ee gudd Schouloufloss maachen, dozou encouragéieren, datt si op dës Infrastrukture vum Sportlycée an op dat pädagogesch Rezept vun den „sports-études“ kënnen a sollen zréckgräifen.

No all deene villen a sëllegen Diskussiounen, déi mer hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Sportsinfrastrukture féieren, sinn ech frou, datt dës Projet an der Kommissioun eng Unanimitéit kritt huet an duerfir hoffen ech mat deem heitege Vote och Är Ënnerstëtzung kritt a ka realiséiert ginn. D'Gewënner sinn eis Sportswelt an eis Kanner, déi nëmme vun esou engem System profitéiere kënnen. Ech soen Iech Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt, a ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Claude Haagen. An d'Wuert kritt elo fir d'alleréischt d'Madame Tessy Scholtes.

Discussion générale

► **Mme Tessy Scholtes** (CSV). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem honorablen Här Haagen, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech hu mech virun e bësse méi wéi engem Joer a menger éischter Ried hei an dësem héijen Haus fir Strukture wéi de Sportlycée ausgeschwat. A wéi Dir Iech virstelle kënn, sinn ech als fréier Sportlerin haut immens frou, dass de Sportlycée elo endlech eng legal Basis kritt an do-duerch zu engem feste Bestanddeel an eiser Schoullandschaft gëtt.

Mir hunn an eise kleng Land ëmmer méi Sportler, déi op internationalem Niveau mat deene Beschte mathale kënnen. Wéi Dir all wësst, vun nâischt kënn nâischt! Dat heescht, och am Sport muss ee vill schaffen an investéieren, fir un d'Spëtzt ze kommen an dat, a mengen Aen, ëmmer méi, well an alle Länner gëtt de Sport ëmmer méi professionell organiséiert. Duerfir ass et wichteg, datt eis jonk Talenter scho fréi optimal Konditiounen geschafe kréien, déi hinnen de Wee no uewen erméiglechen. Aus all jonkem Talent ka sécherlech net herno en Topathlet ginn. Mä wann et der nëmme e puer a lues a lues ëmmer méi ginn, déi et packen, dann hu mir eppes erreecht. Mir sollten nämlech net vergiessen, wat fir een enormen Enjeu de Sport huet, an hounneng sinn op eis Sportler, déi de roude Léiw an d'ganz Welt erausdroen.

An dësem Sënn sinn 1989 d'Centres de formation um INS an 1997 d'Sportssektioun vun der Arméi entstanen. 1998 ass ee groussherzoglecht Règlement a Kraaft getrueden, wat verschidde speziell Moosname fir Héichleeschtungssportler an awer och fir talentéiert Museker am Secondaire erméiglecht. 2001 sinn d'Sportsklassen am Lycée Aline Mayrisch agefouert ginn a säit 2007 leeft de Projet „sports-études“ um Site vum INS als Annex vum Lycée Aline Mayrisch. D'„sports-études“, „Sportgymnasien“ oder „Sports schools“ gëtt et méttlerweil an all europäeschem Land. An och Lëtzebuerg mécht mat dësem Gesetz elo keng Ausnahm méi.

Här President, de Statsrot hat a sengem Avis vum 20. Mäerz d'Artikelen 11 an 12 iwwert d'Admissioun vun de Schüler am Sportlycée contestéiert an ee groussherzoglecht Règlement mat Opnahmekritäre fir all Sportler gefuerdert. Deem ass Rechnung gedroe ginn, andeems elo méi kloer aus dem Artikel ervir-

geet, dass och Schüler, déi net vun enger Federatioun proposéiert ginn, eng Kandidatur fir an de Sportlycée stellen an no deene selwechte Kritären opgeholll kënnen ginn. Dass de Sportlycée och virdru schonn oppe war fir esou Démarchen, weist d'Beispill vun enger jonker Schachspillerin, déi d'lescht Joer aus eegener Initiativ hiren Dossier eragereecht hat an ugeholll ginn ass.

D'Rechter an d'Flichten tëschent dem Sportlycée an de Federatiounen ginn duerch Konventionen geregelt. Esou kann hei zum Beispill festgeluecht ginn, dass a verschidde Sportarten d'Plage horaire vun der Préparation physique générale, déi vum Lycée ugebuede gëtt, vun der Federatioun fir sportartspezifischen Training genotzt gi kann.

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass et sech beim Sportlycée vum Schoulsystem hier ëm e ganz normale Lycée handelt, deen d'Schüler op e Premièresexamen vun enger vun den aktuelle Sektione preparéiert an hinne gläichzäiteg d'Méiglechkeet bitt, hire Sport op héijem Niveau ze praktikéieren. All Schoul huet dräi Stonnen Autonomie an de Fächer, déi si um Stonneplang ubidden. An d'Fächer, déi am Sportlycée duerch de Sport ersat ginn, si keng Promotionsfächer, mä vun Troisième bis d'Première zum Beispill Optionsfächer.

Dëst ass ee wichtege Punkt am Kontext vun den aktuellen Debatten iwwert d'Schoulreform, wou déi zwou proposéiert Dominanten déi verschidde Sektione ersetze sollen. Et gëtt vill driwwer geschwat, dass d'Konscht an d'Musekssektioun ewechfale géifen. Ma ähnlech Strukture wieren och hei unzedenken, virun allem, well d'groussherzoglecht Règlement vun 1998 sech jo och op jonk Museker bezieht.

Well et sech, wéi gesot, ëm en normale Lycée handelt, ass de Wiessel an en anere Lycée och zu jidder Zäit méiglech, wat an eisen Aen ee ganz wichtege Punkt ass. Et muss een nämlech wëssen, dass eng Struktur wéi de Sportlycée net dat Richteg fir all Kand oder Jugendlechen ass. Et gëtt immens vill vun de Schüler verlaangt, well si souwuel an der Schoul wéi och um sportleche Plang Leeschtung an Disziplin weise mussen. Dacks weist sech, dass grad Leeschtungssportler gutt mat dëser Charge ëmgoe kënnen, well si vu klengem u gewinnt si sech gutt ze organiséieren, fir alles ënner een Hutt ze kréien. Déi Schüler, déi op Septième direkt an de Sportlycée ginn, gewinne sech lues a lues un de Rhythmus Schoul a Sport, well op den ënneschte Klasse manner Trainingsunitéiten um Stonneplang sti wéi bei de Groussen.

Mä de Sportlycée ass awer och op fir Quereinsteiger, dat heescht fir Schüler, déi virdrun an engem anere Lycée waren. Hei kann et emol sinn, dass et dës Kanner méi schwéier fällt sech un de Rhythmus ze gewinnen a gläichzäiteg d'Anonymat vun enger méi grousser Schoul opzeginn. Am Sportlycée sinn am Moment just ronn 300 Schüler, an den enken Encadrement duerch Profen, Tuteur, Trainer, Kiné a Psycholog mécht, dass all Schüler bekannt ass.

Den Drop-out, dat heescht déi Schüler, déi d'Schoul wiesselen, läit bei 6 bis 7% pro Joer. D'Grënn fir den Drop-out kënnen, nieft de schonn ugeschwatene Ursachen, sportlech Resultater, Problemer mat der Federatioun oder och de Frëndeskrees sinn. Deen anere Fall gëtt et awer och, an zwar, dass Sportler, och wa se net méi am Kader sinn oder wëlle sinn, trotzdem am Sportlycée bleiwe wëllen. Hei besteet d'Méiglechkeet fir säi Joer fäerdeg ze maache respektiv nach ee Joer weider ze bleiwen, zum Beispill fir net eng Première duerch e Wiessel no der Deuxième ze gefährden.

Nieft dem Leeschtungssport wëllt de Sportlycée awer och aner Beräicher ofdecken an d'Kanner fir en nohaltegt Engagement am Sport motivéieren. Dowéinst bitt de Sportlycée ab nächstem Joer Modular vun Troisième bis d'Première u fir Schüler, déi net méi an der Federatioun sinn an awer dem Sport erhalte bleiwe wëllen, zum Beispill als Trainer oder als Arbitr. Verletzte Sportler hunn natierlech eng Karenzzäit, fir nees op d'Been ze kommen, a mussen net direkt de Lycée wiesselen.

A puncto Wiessel ass et och wichteg ze erwähnen, dass de Sportlycée mat anere Lycéeën kooperéiert. Vu dass de Sportlycée just de Cycle inférieur am Technique ubidde kann, mussen d'Schüler no der Neuvième an en anere Lycée wiesselen. De Lycée technique vu Bouneweg zum Beispill gëtt de Schüler d'Méiglechkeet hire Stonneplang esou ze aménagéieren, dass si awer nach bis zu zweemol moies am Sportlycée trainéiere kënnen.

Och bei de Profen huet een e gewëssenen Drop-out, well och vun hinne vill Flexibilitéit an Disponibilitéit verlaangt gëtt. Am Sportlycée schaffen, heescht deelweis Prüfungen an dräifacher Ausféierung maachen, well d'Schüler bedéngt duerch Kompetitiounen a Stagé méi oder manner dacks feelen. Am Fall vun esou

Absencé gëtt de Prof hinnen Aufgabe mat op den Déplacement, an dës ginn dann nom Retour verbessert. Déi 72 Disponibilitétsstonden, déi all Prof am Laf vum Schouljoer ze realiséieren huet, ginn an den Tutorat investéiert, well am Sportlycée huet all Schüler een Tuteur.

De Rekrutement vun de Profen ass awer d'selwecht wéi an anere Schoulen. A bis elo waren nach ëmmer genuch Interessenten do, déi sech an de Sportlycée gemellt hunn. Et sinn dëst normalerweis Leit, déi e gewëssene Lien zum Sport hunn a sech an dësem Sënn engagéieren wëllen. Vill vun den Enseignantë sinn net exklusiv am Sportlycée, mä ënnerriichten och nach an anere Gebaier, wat gutt ass, well si esou d'Leeschtinge vun de Schüler aus dem Sportlycée mat deenen aus anere Lycéeën vergläichen an deemno wéi ajustéiere kënnen.

Hei ass ze bemierken, dass d'Resultater vun den Épreuves communes an der Moyenne leien, an am Premièresexamen vun dësem Joer 14 Schüler direkt gepackt hunn - dovunner eefel mat der Mention „bien“ an ee mat der Mention „très bien“ -, dräi een Noexamen hunn a keen duerchgefall ass.

De schouleschen an de sportlechen Erfolg kommen net vun nâischt. Et muss ee soen, dass wirklech vill gemaach gëtt, fir dem Schüler a Sportler op sengem Wee no uewen ze hëllefen. Nieft den Absencé fir Kompetitiounen a Stagen, déi d'ailleurs bei schlechte schoulesche Leeschtungen net autoriséiert ginn, dem Neschreiw vu Prüfungen, de schouleschen Hëllefsmesuren an dem Tutorat kommen nach aner wichteg Punkte wéi d'Verletzungspreventioun an Réathlétisation duerch Kinéen, de medezineschen Encadrement duerch Dokteren an d'Méiglechkeet vun enger psychologescher Betreuung virun an no de Kompetitiounen derbäi.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi wirklech Leeschtungen, souwuel am schoulesche wéi och am sportleche Beräich, kommen awer nëmme duerch eng gutt Kommunikatioun an Zesummenaarbecht vun alle Verantwortlechen zustan. An dat ass eiser Usicht no déi gréissten Erausforderung am Sportlycée.

D'Proffe mussen mat den Traineren iwwer e Prüfungs- a Kompetitiounsprogramm kommunizéieren. D'Trainere vum Verband, déi jo an der Schoul intervenéieren, an déi vum Veräin, mussen sech ofstëmmen, fir eng Iwwerbelaaschtung vum Athlet ze verhënneren. D'Verbandstraineren, déi d'Sportart, de spezifesch Training am Sportlycée halen, an d'Sportsproffen, déi de Schoulsport an déi physesche Preparatioun ofhalen, mussen sech och regelméisseg ofschwätzen. An d'Eltere si souwisou an all dës Beräicher involvéiert.

Dëst ass net ëmmer einfach ze realiséieren an immens zäitopwendeg, mä duerch regelméisseg Réunionen am Laf vum Schouljoer kommen déi verschidden Acteuren zesummen a Problemer kënnen aus dem Wee geraumt a Léisunge fonnt ginn.

Wéi Dir gesitt, sinn d'Schüler immens gutt encadréiert an et gëtt vill op den eenzelne Schüler agaang. De Revers vun dëser enker Betreuung ass leider dacks eng Attitüd vun eenzelne Kanner, déi ze vill gewinnt sinn, dass alles fir si gemaach gëtt. Esou ass dee gréissten Défi hinne verstoen ze ginn, dass si déi Hauptverantwortlech vun Erfolleg sinn an et drëms geet, d'Struktur Sportlycée optimal ze notzen. Hei muss d'Schoul esou wäit changéieren, dass verschidden Erliichterunge sech mussen erschafft ginn, och duerch Fläiss, Asaz a Behuelen an der Schoul, esou dass net méi alles eng Selbstverständlechkeet ass.

Dës Feststellung werft d'Fro op, ob e Lycée, deen nëmme Sportler opëhlt, net ze vill eesäitig ass, an ob et net besser ass, wann d'Sportler och mat Schüler, déi aner Interessen hunn, zesummekommen. Hei ginn d'Meenungen ausereen an et kéint ee stonnelaang iwwert d'Viran d'Nodeeler vun deem engen oder anere Modell debattéieren.

Ee Fakt ass awer, dass en eegene Lycée um organisatoresche Plang einfach enorm vill Avantage huet. An dach ass et de Responsabele vum Sportlycée immens wichteg, dass hir Schüler net nëmme den Tunnelbléck Sport hunn, an engagéiere sech dofir, si zu kriteschenkenden a responsabele Bierger ze forméieren.

D'Proffe vun enger Klass setzen dräimol d'Joer zesummen, fir de Programm festzeleeën an esou nieft Schoul a Sport och verschidde Preventiounsthemen oder Kulturelle fächeriwwergräifend unzepaken. Esou huet de Sportlycée zum Beispill een interne Curriculum vun der Preventioun, dee vu Septième bis Première Theme wéi Wäerteunterrecht, Éischt Hëllef, Zäitmanagement, Anti-Doping, gesond Ernährung a mentalen Training, mä och Muséevisiten oder Theateropféierunge beinhalt.

A puncto Infrastrukturen ass scho gesot ginn, dass et esou ausgesäit, wéi wann déi nei Ge-

bailechkeete fir d'Rentrée 2012-2013 fäerdeg ginn a Plaz fir eng 480 Schüler bidden. D'Kantun vum INS ass scho virun enger Zäit vergréisert ginn a kann elo vun alle Schüler genotzt ginn. Problematesch bleift allerdéngs den Transport bis op de Site vum Sportlycée. Dacks sinn aner Lycéeën méi attraktiv, well d'Schüler mam öffentlechen Transport ronn 30 Minutten éischter um Lampertsbiérg oder um Geesseknäppche sinn.

D'Internat, wat an de Sportlycée integréiert gëtt, bitt hei virun allem de Sportler, déi méi e wäite Schoulwee hunn, eng interessant Méiglechkeet. Déi 110 Ufroe fir eng Plaz am Internat weisen, dass wirklech e Besoin do ass. Wann dann nach, wéi geplangt, an der nächster Zäit ee Parking an eng zweet Sportshal um Site realiséiert ginn, da kann een, mengen ech, vun enger gutt équipierter Struktur schwätzen.

Wéi Dir gesitt, ass a gëtt vill an de Sportlycée investéiert. Dofir kann ee sech déi berechtigt Fro stellen, wouhin dës Investitiounen op laang Siicht féieren. Eiser Meenung no wier dëst d'Formuléierung vun enger richteger Héichleeschtungssportpolitik hei zu Lëtzebuerg. Et kéint ee sech eng spezialiséiert Cellule fir Héichleeschtungssportler ënnert der Autoritéit vum Département ministériel des sports an Zesummenaarbecht mam Comité Olympique virstellen, déi net nëmme eng finanziell a medezinesch Ënnerstëtzung bidden, mä och beim Choix vun der Uni a bei der Karriereplanung hëllef kéint.

Eng gezielten Orientatioun vum Schüler a Sportler no sengem Ofschloss am Sportlycée feelt nämlech. Bis dato ass nâischt Konkretes a puncto Karriereplanung virgesinn, fir dem Abiturient ze hëllefen eng Uni ze fannen, wou hie souwuel seng Studien, ma och säi Sport op engem gewëssenen Niveau weiterféiere kann. Hei muss sech hei op seng Federatioun verlooosen, déi awer net onbedéngt Zäit an déi noutwendeg Informatiounen, Kontakter a Kompetenzen op schouleschem Plang huet, fir weiderzehlëfen. An dësem Kontext wier et ze begrëssen, wann de Sportsministère zesumme mam Héichschoulministère Kritäre festleeën a Proposen zu enger Héichleeschtungssportpolitik ausschaffe géif.

Ofschléissend ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun, a wëll awer och nach dem Chargé de direction Raymond Conzemius an der ganzer Équipe ronderëm hie félicitéieren. Si sinn et, déi de Sportlycée duerch hiren onermiddlechen Asaz am Sënn vum Sport a vun de Kanner zu deem gemaach hunn, wat en haut ass. Ech wënschen hinne vill Erfolleg am neie Gebai an dass nach vill weider Aushängeschëllder wéi ënner anere de Raphaël Stacchiotti oder de Bob Jungels erauskommen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Scholtes. An als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (DP). - Merci, Här President. Ech wëllt och mengersäits dem Här Rapporteur Merci soe fir säi mündlechen a schrëftleche Bericht, och menger Virriednerin eigentlech, well si och eng ganz Rei Detailpunkten hei beschriwwen huet.

Ech mengen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer haut iwwer e Sportlycée ofstëmmen, ass dat kee komplett Neiland, wat mer betrieden, mä et ass awer en décisive Schrëtt an der Entwécklung, déi mer säit 2001 kennen, wéi am Lycée Aline Mayrisch deemools déi éischt Sportsklassen agefouert gi sinn. Iwwregens a Klammern: Dat war ënner enger liberaler Schoul- a Sportsministesch. Klammer zou.

► **Plusieurs voix.** - Aaahhh!

► **M. Eugène Berger** (DP). - An deene leschten zéng Joer si vill Erfahrung gesammelt ginn. A säit 2007 hu mer jo och dann opgrond vun deenen Erfahrungen de Projet „sports-études“ um Fetschenhaff lafen, deen eigentlech och d'Richtung ugin huet, fir dëst Gesetz haut oder dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, och ze schreiwen.

Ech mengen, virun allem huet sech, dat huet d'Praxis gewisen, de Modell vun de Sportsklasse bewährt a si kennen och ëmmer méi e grouse Succès. Iwwer 350 - ech weess et net, virdru war scho vu 500 Rieds, ech huelen un, datt dat d'Perspektiv ass - mä op alle Fall, ech mengen, de Moment iwwer 300 jonk Sportler si méttlerweil als Schüler ageschriwwen, Tendenz steigend. An et huet sech jo eigentlech dann och wirklech opgedrängt eng eegestänneg Struktur ze schafen.

Op dëser Plaz wëllt och ech, wéi meng Virriednerin, de Responsablen an den Acteuren vum Projet um INS, fir et emol esou ze formuléieren,



e grouse Merci soen, well si si wierklech net ganz onschëlleg um Succès vun den „sports-études“.

Ech mengen, de Prinzip vun de Sportsklasse stellt hautdësdays och kee méi a Fro. Au contraire, wann et se net géif ginn, misste mer se eigentlech praktesch haut direkt erfannen. D'Sportsklasse sinn eng adequat Formule fir jonke Sportler et ze erméiglechen, hire Sport an hir Secondaires-Schoulen optimal oder wa méiglech optimal mateneen ze verbannen.

Mä net nëmmen dat. Ech mengen, wann ee kuckt och wat fir eng Efforte gemaach ginn, da géif ech soen, datt eigentlech den Accompagnement, also nieft deem sportlechen och dee schouleschen Accompagnement, datt ganz vill Wäert dorobber geluecht gëtt. A wann een elo méi kritesch vläicht als Netportler dat géif kucken, géif een eigentlech soen, datt se hei am Sportlycée e bësselche verwinnt ginn an där Hirschicht, well hei wierklech vill Efforte gemaach ginn, fir eben nieft deem sportlechen Accompagnement och dat schoulescht Accompagnement ze favoriséieren a fir och do wierklech bal individuell par rapport zu all Schüler do den Optimum erauszehuelen.

Ech mengen, och nieft deem verbesserte schouleschen Accompagnement an deem sportlechen Accompagnement, ass mer awer och wichteg, datt de Schüler als Persoun, als Sportler, och besonnesch als jonke Sportler, wou ee jo déi eng oder aner Problemer och heiansdo a sengem Liewe konfrontéiert, datt een och do eng Begleedung huet. Dat kann och sinn zum Beispill, wa jonk Sportler déi éischte Kéier mat deem ganze Medieberäich konfrontéiert ginn, wa se e gutt Resultat do hunn an an de Medien zum Beispill ëmmer méi erwähnt ginn. Dat sinn och heiansdo Situatiounen, déi net onbedéngt evident sinn. Och op esou Saache gëtt Wäert geluecht. An ech fanne, dat ass och eng wichteg Aufgab an deem ganzen Encadrement.

Als Politiker, mä virun allem och als Sportler, och als President vun enger Sportsfederatioun begrëssen ech et op alle Fall, datt mer hei zu Lëtzebuerg esou Konzepter ëmsetzen. An d'Resultater weise jo, datt déi Sportsklasse fir vill jonk concernéiert Mënschen e Plus sinn. Een, deem d'Sportsaktualitéit liest, e bësselche suivéiert, gesäit jo, datt eng Rei Schüler aus dem elo - vun haut un - da Sportlycée, gutt Resultater, exzellent Resultater opzeweisen hunn. D'neift hu mer och héieren, nach grad virdrun - mir haten dat och schonn an der Kommissioun nach dës oder d'lescht Woch gesot kritt -, datt och déi schoulesch Resultater zum Beispill 2012 an de Premiërexamen, datt déi sech weise loosse, datt dat also och ganz gutt schoulesch Resultater sinn.

Hannert deene cruë Resultater, hannert deene cruen Zuele vu Sportsresultater oder Schouleresultater, mengen ech, ass awer och einfach dee ganze Prozess wichteg, deen hannendru steet. Déi Erfahrungen, déi déi jonk Mënschen do sammelen, well se ebe mussen kucken Studie mat Sport, mat anere Problemer vläicht ze kombinéieren, alles ënner een Hutt ze kréien. Ech mengen, dat sinn immens wäertvoll Erfahrungen, déi een net einfach ka mat enger Zuel beleen. Et ass e bësselche méi nach an där Optik „der Weg ist das Ziel“, also déi Erfahrungen, déi se hei sammelen, déi immens wichteg sinn an hirem Développement als Mënsch, als Sportler, herno och fir de Beruff. An ech mengen, duerfir ass jo och deen Aspekt vum pädagogesche Konzept, dat jo eigentlech e Projet de vie ass, vun deem hei geschwat gëtt, deen a mengen Aen och ganz wichteg ass an deen eben den Akzent op d'Entwécklung vun der Persoun a vun der Charakterentwécklung vum Mënsch, vum jonke Mënsch setzt.

Ech mengen, schliesslech ass och de Sportlycée eng Formule, déi ville Federatiounen an dem COSL entgéint kënnt, well hei eben och eng verbessert sportlech Förderung vu fréi u méiglech ass.

Bon, vum Prinzip, vun der Ausrichtung hier ass also de Projet nëmmen ze begrëssen. Ech wëllt awer och ee ganz kleng Bémol erwähnen beim Sportlycée, dee mer elo wäerte stëmmen. De Bémol, dat ass den Émstand, datt mer am Sportlycée kee kompletten Technique, also kee Cycle moyen et supérieur ubidden. An dat wäert wahrscheinlech och net méiglech si fir all Klassen, all Sektioneen am Classique unzëiden.

An et kéint ee jo eigentlech e bësselchen iwwerspëtzt, oder och emol net, soen, am Endeffekt, datt e Schüler muss eigentlech dräi Konditiounen erfëllen. Éischstens, e muss sportlecht Talent hunn oder sportlech Kritären erfëllen. Zweetens, e muss e Secondaire-Classique-Schüler sinn. An drëtzens, muss en eigentlech och nach e Schüler sinn, deen herno C oder D oder G auswielt, fir kënnen eigentlech am Sportlycée säi Secondaire ze maachen.

Wien net an dat Schema erapasst, fir dee beedeit et normalerweis, wann en ufänkt, datt e spëststens no dräi Joer da muss d'Gebai wieselen an eventuell en anert Gebai, wou en net déi optimal Begleedung méi huet. Ech mengen - sécher, mir sinn eis d'accord, ech och - mir verstinn dat allegueren, et ginn eng Rei praktesch Argumenter dofir, well ënner anerem eben net déi Masse critique do ass, net genuch Schüler do sinn, fir e ganzen Zyklus vum Technique unzëiden respektiv och an der Praxis net vun anere Sektioneen wäerten ubidden.

Mä hätt een net einfach awer vun der, wéi soll ech soen, vun der Symbolik oder einfach vum Zeechen hier och kéinte wéinstens de Prinzip vum Technique draschreiwene, och wann ee weess, datt an der Praxis nach de Moment keng, net genuch Schüler do wieren. Mä et weess ee jo net, wéi an Zukunft dat Ganz kéint evoluéieren.

Ech mengen, et ass jo esou, datt mer fir de Classique jo och net eng Restriktioun drageschriwwen hunn a gesot hunn, et wier nëmme méiglech am Classique fir d'Sektioneen C oder D. Mä do hu mer einfach dee ganze Classique drageschriwwen. An ech hätt et flott fonnt, wann een einfach, pour la forme, dee ganzen Technique, fir datt déi sech net diskriminéiert fillen, och drageschriwwen hätt, wéi gesot, ëmmer wëssend, datt an der Praxis dat vläicht net méiglech gewiescht wier, fir direkt do och eppes ze organiséieren.

Ech mengen, dofir muss awer op alle Fall garantéiert sinn, datt Schüler, déi also net, wéi ech virdru scho gesot hunn, deem Profil do entsprechen, datt déi awer och kënnen dann an anere Gebaier déi Méiglechkeeten hu vun den „sports-études“, datt se dann eben an Zesummenaarbecht mam Sportlycée respektiv och op Verständnis stoussen, fir da kënnen an anere Gebaier esou eng Aart Formule oder eng Formule „sports-études“ kënnen ze absolvéieren, fir eben dann och awer hir Studie mat dem Sport, mat dem Kompetitiounssport optimal kombinéieren ze kënnen. Dat gesot, géif ech awer natierlech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet hei abréngen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. An als nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëllt ech och dem Här Haagen Merci soe fir säi schréfftlechen a mündleche Rapport zu deem Projet de loi, mat deem d'Thematik vum Sport no laanger Ofwiesenheet endlech nees de Wee an d'Chamber féint. Am Kader vum Débat d'orientation iwwert d'Zukunft vum Lëtzeburger Schoulsystem, viru gutt zwee Méint, ass op dëser Plaz méi wéi eemol drop higewise ginn, datt d'Schoul e permanente Chantier ass, dee gutt organiséiert a stänneg verbessert muss ginn, fir der gesellschaftlecher Evolutioun Rechnung ze droen.

D'Kreatioun vum Sportlycée bedeit net nëmmen eng kloer Verbesserung vun der aktueller Situatioun, mat enger verbesserter Koordination tëschent de Centres de formation an dem Projet „sports-études“, mä si bedeit och eng Erweiterung vun der Capacitéit, déi längst un hir Grenze gestouss ass. Duerfir begrësse mir, datt endlech Fortgank an en Dossier kënnt, deen evidenterweis eng Plus-value fir d'Lëtzeburger Schoullandschaft duerstellt, net nëmme wat d'Erweiterung vun der Offer ubelaangt, mä och vu sengem pädagogesche Konzept hier.

Nodeems d'Centres de formation schonn 1989 entstanen sinn an déi sougenannte Sportklasse säit dem Schouljoer 2001-2002 un de Lycée Aline Mayrisch ugegliddert waren, kritt dës Schoulmodell haut eng gesetzlech Basis, déi autonom funktionéiere kann, esou wéi meng Virriednerin, d'Tessy Scholtes, a meng Virriedner et och scho beschriwwen hunn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Risiko, datt talentéiert Sportlerinnen a Sportler an déi klasesch Fal geroden, an der Schoul d'Bengele bei d'Tromm ze geheien, fir sech voll a ganz dem Sport ze widmen, oder trotz hirem groussen Talent mam Sport opzehalen, gëtt mat deem Schoulmodell staark reduzéiert. Wat awer leider net heescht, datt de Risiko vum Schoullofbroch domat ausgeschloss gëtt, well vill aner Ursache fir dës bedauernswäerte Phenomeen verantwortlech sinn. E Phenomeen, deen zu Lëtzebuerg aussergewöhnlech héich läit par rapport zu anere Länner an dee mat alle Mëttelen a mat vill Courage muss bekämpft ginn.

Am Kontext vun deem Projet de loi denken ech beim Risiko vum Schoullofbroch virun allem un d'Schülerinnen an un d'Schüler aus dem Enseignement technique an aus dem Enseignement préparatoire. Nom éischten Zyklus, also

no dräi Joer, geroden d'Schüler aus dem Technique an eng schwiereng Situatioun, well se de Sportlycée mussen verloossen, fir an anere Lycée ze wiesselen, während hir Kolleegen aus dem Classique awer bis zur Première am Sportlycée kënnen bleiwen a weiderhi vun alle Virdeel a Privilegie kënnen profitéieren, déi dës Schoul ze bidden huet.

Quitte datt eng Zesummenaarbecht mat anere Lycéeën besteet oder och nach ugestriift gëtt, bedauere mir als Gréng, datt de Sportlycée dem klaseschen Enseignement secondaire méi ee grouse Stelleväert araumt wéi dem Enseignement secondaire technique. Mir verrieden do déiselwecht Meenung wéi mäi Virriedner, den Här Eugène Berger.

Oftesi vun deem bedauernswäerten Déséquilibre zugonschte vun enger Schülerelite, begrësse mir awer zumindest an der Logik vum Leeschtungssport, datt hei eng effikass Kombinatioun vu Schoul an Training erméiglecht gëtt an d'Schoul donieft och e geziilt gesondheetlechen, sportspezifischen a sozialen Encadrement wëllt garantéieren.

Dës Volet, deen am Rapport als ee vun den dräi Haaptobjektiver definéiert gëtt, ass an eisen Aen onverzichtbar! Wann Theme wéi Doping, gesond Ernährung an d'Preventioun vu Verletzungen zu engem feste Bestanddeel vum Schoulprogramm ginn, wiisst d'Chance, datt déi jonk sech fréi genuch mat de Gefore vum Leeschtungssport auserneesetzen a léieren domat ëmzegoen a se dann och ze vermeiden. Alles dat sinn Elementer, déi mir begrëssen, an duerfir wäerte mir als Gréng och eisen Accord zum Projet de loi ginn.

Eng Fro, déi de Projet de loi, menger Meenung no, awer am Raum stoe léisst, ass déi, wéi d'Zesummenaarbecht vun der Schoul mat de 16 verschiddene Federatiounen a mat den honnerte vu Veräiner, déi an deene Federatiounen affiliéiert sinn, konkret soll ausgesinn.

D'Fro, op wéi eng Manéier de sougenannte Comité de coordination de Respekt vun de Konventiounen mat den eenzelne Federatiounen iwwerwaache kann, ouni a gewësse Fäll un der berechtigter an och am Gesetzesprojet festgeschriwwener Autonomie vun den eenzelne Federatiounen müssen ze frëckelen, bleift a mengen Aen onbeäntwert. Dobäi kënnt, datt d'Veräiner, an deenen déi jonk Leit trainéieren a fir déi si och Kompetitiounen bestreiden, net ëmmer op enger Linn leie mat hirer Federatioun. Esou Divergenzen erliichten de Respekt vun de Konventiounen doudsécher net a kéinten och an Zukunft fir Sprengstoff tëschent dem Lycée an de Federatiounen respektiv eenzelne Veräiner suergen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis Suerg ass a bleift et ze verhënnere, datt jonk Sportler opgrond vu schlecht ofgestëmten Trainingsprogramme oder Trainingszäite souzese verbrannt ginn an duerno dem Sport de Réck dréien oder awer opgrond vun hirem héije Leeschtungspotenzial vun hirem Veräin bevirdeelegt ginn, während manner leeschtungs-fäeg Sportler an hirem Veräin ze kuerz kommen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ervirhiewe wëllt ech an deem Kontext och d'Roll vun den Elteren an d'Zesummenaarbecht vum Lycée mat den Elteren, déi am Projet de loi, a mengen Aen, net genuch zur Geltung kommen. Si ginn éischter niewebäi erwähnt.

Datt d'Elteren onverzichtbar sinn, wann et drëms geet, fir de sportlechen Engagement vun hire Kanner ze ënnerstëtzen, dat ass evident. Wann et allerdéngs esou wäit kënnt, datt d'Elteren hiren eegenen iwwerméissegem Éiergäiz an hir Kanner eraprojezéieren a scho bal e fanatesch Verhalen un den Dag leeën, da gëtt et geféierlech!

Ëmmer nees kënnt et vir, datt Eltere versichen hir eege verpassten Dreem an hire Kanner ze verwierklechen a vun hinnen erwaarden ëmmer déi Éischt an ëmmer déi Bescht ze sinn. Den Drock, deen op déi Manéier op déi jonk ausgeübt gëtt, féiert net nëmmen zu engem ongesonde Konkurrenzkampf mat hire Kolleeginnen a Kolleegen, mä virun allem och zu der Gefor, datt déi jonk zu Medikamenter, Drogen oder Dopingmittel gräifen, fir dem iwwerméisseg Leeschtungsdruck standzehalen.

Eng intensiv Abannung vun den Elteren an en intensiven Informationsaustausch mat den Elteren iwwert d'Gefore vum Leeschtungssport a vum Leeschtungsdruck ass an deem Schoulmodell onverzichtbar, als wichtige Bestanddeel vun der gesondheetlecher Preventioun!

Zum Schluss nach e Wuert iwwert d'Spezialisatioun vun de Proffen, déi am Sportlycée ënnerriichten, an iwwert d'Schoulorganisatioun. Grad hei, wou et drëms geet dräi Objektiver, nämlech déi sportlech Réussite, déi schoulesch Réussite an déi sozial Integratioun ze vernetzen, wär et an eisen Aen net sënnvoll, wann d'Enseignanté vun de Schüler vu Joer zu Joer géife

wiesselen, esou wéi dat meeschtens am Secondaire de Fall ass. Wann déi jonk innerhalb vun hirem Studium dozou erzu solle ginn, fir e sougenannte Projet de vie ze entwëckelen, da sollt den Encadrement sech net just op en Tuteur beschränken, mä da muss am grouse Ganzen op d'Kontinuitéit an en allgemengen Encadrement vun engem Schüler gesat ginn, mat Proffen, déi net permanent vu Joer zu Joer wiesselen.

Donieft si mir der Meenung, datt déi dräi Haaptobjektiver och nëmmen dann erreecht kënnen ginn, wann d'Proffe beschtméiglech op hir Missioun virbereet sinn. Dowéinst wär eng zousätzlech Formatioun an de Beräicher Pädagogie oder an Erzéiungswissenschaften oder Sozialwëssenschafte grad an dëser Schoul net vu Muttwëll.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der Hoffnung, datt de Sport souwuel an der Politik wéi och an der Gesellschaft net nëmme wichteg geholl gëtt, wann et ëm Leeschtung geet, mä datt virun allem och seng sozial, integrativ a gesondheetsfördernd Funktiounen néierens ze kuerz kommen, ënnerstëtze mir als Gréng dës Projet de loi a mir géifen eis wënschen, datt ähnlech innovativ Schoulmodeller och fir déi Schülerinnen a Schüler kéinten entstoen, déi hire Liewensparcours net op Sport, mä op Musek oder Konscht wëllen opbauen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché. An als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un de Rapporteur fir e ganz komplette mündlechen a schréfftleche Rapport. An och mir wënschen dem Personal an de Schüler vum Sportlycée alles Guts fir dee Wee, deen elo virun hinne läit.

E puer Bemerkunge vläicht zum Thema Sportlycée. Déi éischt ass, datt de Sportlycée, dee jo hei vun alle Säite gewënscht ass, en däitlechen Kontrast duerstellt zu deem, wat mer soss am Lëtzeburger Schoulwiesen hunn. Hei betoune mer de Leeschtungsprinzip. Mir förderen de Leeschtungsprinzip, soss an der Schoul schafe mer en of! Mir hu jo extra Bilanen agefouert, déi et net méi sollen erlaben, datt d'Schüler sech ënnerenee vergläichen.

Do ass also schonn eng grondleeënd verschidden Approche an eise Schoulsystem, bal eng Schizophrenie, wou mer op där enger Säit Leeschtung awer wëlle förderen an op där anerer Säit se bal verhënnere. Do ass also wierklech ze iwwerleeën, ob mer do um richtege Wee sinn, well jo och an eise normale Schoulsystem de Konkurrenzgedanken nëmme kënschtlech ausgeklamert gëtt. Lëtzebuerg als Land ass a Konkurrenz mat anere Staten. D'Schüler sinn also och a Konkurrenz ënnerenee a mir sollen dat och an eise normale Schoulsystem reflétéieren.

Dat Zweet ass, wa mer fir esou ee Lycée, wéi deen hei, eng Infrastruktur schafen, ass dat natierlech och en Investissement, deen d'Land mécht. An et muss een natierlech kucken, datt dee Sportlycée net eleng do steet, mä datt e vernetzt mat anere Sportinfrastrukturen am Land fonctionnéiert. Do sinn d'Stéchwierder selbstverständlech och d'Elitesektioun, also d'Sportssektioun an der Arméi, d'Erwaardunge vum Comité Olympique. Et ass schonn hei vun Héichleeschtungssport geschwat ginn. Et soll och erméiglecht ginn, datt d'Sportsproffe kënnen, oder zukünfteg Sportsproffe kënnen Stagë maachen an deem Lycée, fir se besonnesch op hir Aufgabe virzubereeden. An et dierf net vergiess ginn, datt d'Gesellschaft an och d'Veräiner Retombéeën sollen hu vun esou enger Struktur, wéi se hei geschaf ginn ass. Dat ass also den „juste retour“ vun der Gesellschaft, fir eng Infrastruktur, déi do geschaf gëtt.

Eng drëtt Iwwerleeung ass déi vun der Wichtigkeet vun den Niewefächer an och vun der Éducation aux valeurs. Hei, dat ass kloer, si verschidde Saachen ewechgelooss ginn, fir kënnen den Akzent eben op de Sport an op d'Haaptfächer ze leeën. Mä et muss een awer oppassen, datt een an deene Saachen net ze wäit geet, well d'Liewen ass méi laang wéi déi gewéinlech Sportlercarrière an et ass och méi komplex wéi nëmmen de Sport! A mat dem Alter vergeet och déi Prioritéit, déi een am Sport gesäit, an aner Themen an aner Bildungsfroe kommen erëm an de Vierdergrond.



Et ass also wichteg, datt zum Beispill eng Éducation aux valeurs sech net beschränkt, egal wéi wichteg déi Sujeten och sinn, op eng gesond Ernährung oder eng Éducation gëint den Doping - dat ass selbstverständlech wichteg -, mä datt ee sech op esou Sujeten erschöpft, dat ass sécher net de Wunsch an enger Schoul. An et muss och opgepasst ginn, datt sech esou eng Bildung och a Geschicht, Géographie an a Valeure méi breet uleet, wéi just ëm de Sport zentréiert.

Dann дәәр eis natierlech d'Schafe vun engem Sportlycée net elo dovun entbannen, eis keng Gedanke méi ze maachen ëm d'Organisation vum Sportsunterricht allgemeng. Déi meeschte Schüler si keng Sportskanounen. Mä och si hunn dat Recht an hirer Gesondheet ënnerstëtzt ze ginn, genuch Bewegung ze hunn, mat hire Problemer, wéi mer se haut och ëmmer méi hunn, wéi zum Beispill Obésitéit oder eng schlecht Motorik, datt dat erkannt an ënnerstëtzt gëtt. Mir müssen also oppassen, datt déi Struktur, déi mer hei geschaf hunn elo, oder haut schafen, net dozou féiert, datt de Sportunterricht am Rescht vun eise Schoulen e bësse stiefmütterlech behandelt gëtt, mä et gëllt eis och doriwwer weider Gedanken ze maachen, wéi mer déi aner Schüler an hirer kierperlecher Entwécklung kënne weider ënnerstëtzen.

An zulescht gesinn ech, datt sech op d'mannst zwou Parteien - d'CSV an déi gréng - enger ADR-Fuerderung no engem Konscht- a Musekslycée schéngen unzeschleissen. Dat gesi mer natierlech mat Freed.

(Interruption)

A mir kënnen d'Madame Minister dann nëmmen encouragéieren, fir och op dee Wee ze goen an niewent dem Sportlycée och de Konscht- a Musekslycée ze schafen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Elo kritt d'Wuert d'Madame Éducationnministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Et kënnst alles vir.

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass scho sechs Auer, Här President, well den Här Urbany huet näischt gesot.

(Hilarité générale)

► **M. le Président.**- Also, elo lauschtere mer hei d'Madame Éducationnministesch.

(Brouhaha général)

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wollt dem Rapporteur félicitéieren, dem Här Haagen, fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech wär och frou, Här President, wann Der d'accord wäert, fir duerno dem Sportsminister d'Wuert ze ginn.

Ech wollt hei ënnersträichen, dass d'Kreatioun vun deem Sportlycée d'Resultat ass vun enger gudder Zesummenaarbecht tëschent der Éducation an dem Sport, obschonn ech jorelaang héieren hunn, Lëtzebuerg hätt net déi kritesch Mass, déi géif duergoen, fir e Sportlycée ze justifiéieren, an ech denken eigentlech haut ganz vill un de Marc Zanussi, deem dat virun esou vill Joren hei ëmmer erëm gefuerdert huet.

Dass et méiglech ass, ass awer och zrëckzeféieren op déi gutt Aarbecht, géif ech soen, vun der Direktioun oder vum Chargé de direction - pardon, et gëtt jo nach keen Direkter an dem Lycée -, dem Chargé de direction an den Enseignants aus der Annex Sport, déi iwwer Jore bewisen hunn, dass se et fäerdegbréngen, Sport an Éducation ze kombinéieren an eng gutt Qualitéit opzebauen.

Ech wëll nach ee Wuert soen zu deene verschiddene Remarquen, déi gemaach gi sinn. Et ass - mengen ech - wichteg hei ze ënnersträichen, dass de Sportlycée net e Lycée ass mat enger Sektoun fir Sportler, mä dass de Sportlycée e Lycée ass, wou d'Schüler den normalen Diplom ustriewen an dass just d'Zäit esou aménagéiert ass, dass se Zäit hunn, fir derniewent hire Sport ze maachen.

Och ech wär frou, wa mer natierlech kéinten an esou engem Sportlycée déi ganz Palett offeréieren vun de Formationen, déi mer am Secondaire hunn. Dat wär natierlech super, mä ech wëll lech awer ze bedenke ginn, dass mir

dëst Joer héchstwahrscheinlech, souwäit ech dat iwwersinn, 70 Schüler op Septième rekrutéieren, datt sinn der schonn immens vill, 30 fir den ES an 20 fir den EST, an da kënnst Der lech virstellen, dass mer net bis erop op Première alles kënnen ubidden. Dat heescht, och Schüler, déi am ES sinn, deemno wéi eng Sektoun se wëlle maachen, müssen de Sportlycée verlossen. An natierlech am Régime technique, wou nëmmen 20 Schüler op Septième eropkommen, kréie mir ni déi Masse critique, fir Klassen do ze offeréieren, an duerfir ass et gutt, dass eng Zesummenaarbecht ass mat deenen anere Lycéeën.

Ech wëllt drun erënneren, dass mir keen een Enseignant ze vill hunn, a mir rekrutéieren immens vill. An ech muss awer och par rapport zu all de Schoule justifiéieren, dass mir net kënnen extra Klassen opmaache fir eng ganz kleng Minizuel vu Schüler.

Duerfir nach eng Kéier Merci och un d'Kreativitéit vun den Enseignants vun deem Sportlycée, déi et fäerdegbréngen, mat enger klenger Zuel vu Schüler awer eng relativ grouss Offer unzebidden, déi eng Flexibilitéit weisen, déi ech an anere Schoulen net ëmmer esou gesinn.

Also, wann Der erlaabt, wär ech elo mat mengem Deel fäerdeg, an ech wär schrecklech frou, well d'Innovation an dëser Schoul beste jo am Sport, d'Zesummenaarbecht tëschent Éducation a Sport.

Also, ech wënschen dem Sportlycée bonne Chance. Ech bleiwe weider gäre responsabel fir si, mä dee ganze Volet Sport muss si zesumme mat deene ville Leit, déi do concernéiert sinn, géréieren.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Éducationnministesch, a viru fiert den Här Sportsminister Romain Schneider.

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif fir d'ëischt och nach eng Kéier profitéieren, fir dem Rapporteur e grouss Merci ze soe fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport, virun allem awer och dem President vun der Kommissioun mat alle Membere an där Kommissioun, déi wierklech ganz zügeg, awer virun allem grouss am Inhalt och gehollef hunn, datt mer dëse Projet ganz schnell konnte virubréngen an nom Avis vum Conseil d'État och schnell an d'Chamber kréien, fir en dann och nach virun der Rentrée scolaire hei ze stëmmen.

An ech mengen, et waren an der Kommissioun och lauter wierklech sachlech Débaten, well mer hei virun allem och vill fréier Héichleeschungssportler erëmfonnt hunn, virun allem awer och nach Sportlerinnen a Sportler, awer och Politiker, déi haut nach engagéiert sinn am Bénévolat, fir an deenen eenzelne Federatiounen an a Veräiner eng Hand mat unzepaken.

Ech mengen, et gouf hei scho gesot, datt et sech hei, an dat ass fir mech ganz kloer, net ëm d'Kreatioun vun engem normale Lycée handelt. Haut ass et, mengen ech, e Sportlycée, deem hei am Gesetz verankert gëtt, an dat ass, datt wëll ech ganz kloer soen, fir de Sport eng immens grouss Errungenschaft hei, wat mer hei verankeren. Eng Errungenschaft, déi mer iwwer Joren opgebaut hunn iwwert déi eenzel Etappen, déi gelaf sinn, vum Centre de formation iwwer Horaires aménagés, iwwer Classes sportives am Lycée Aline Mayrisch hin zur Annex, déi zënter 2007 leeft an eben elo mündet an de Projet de loi.

Et ass fir de Sport eng wichteg Errungenschaft, an ech mengen, et beweist dat nëmmen, wann ech zitieren, wat mer bei der Honnert-Joer-Feier vum COSL eigentlech gewise kruten, wou déi 100 Joer vum COSL am Réckbléck lafe gelooss si ginn a wou een eenzel Punkten aus dem Sport erëmfonnt huet, déi wichteg ware fir den COSL. Ech nennen hei d'Sportgesetz vun 2005; ech nennen de Congé sportif; ech nenne virun allem och d'Sportssektioun vun der Armée. Dat waren d'Punkten, déi erausgehuewe ginn an der Aarbecht vum COSL iwwert déi 100 Joer, an deen nächste Punkt, deem opgeléicht gouf do an dëser Séance académique, dat war de Sportlycée. Et beweist also, datt e sech areit a wichteg Errungeschafte vum Sport am Laf vun der Zäit, am Laf vun deene leschten 100 Joer.

Ech mengen och, datt mer virun allem opgrond vun deem Pilotprojet, deen an deene leschte sechs Joer gelaf ass, an hei mengersäits e grouss Merci un d'Pionéier eigentlech hei, un d'Direktioun virun allem mam ganze Corps enseignant, déi hei eigentlech och Pionéieraarbecht geleescht hunn a vill Neierungen agaange sinn, vill experimentéiert hunn, vill virun allem probéiert hunn, a Kooperatioun och ze maachen, sief et am Schouleschen, sief et am Sportlechen, sief et awer och am Medezineschen hannendrun, sief et op anere Wäerter, déi mer brauchen an déi hei och an dëst Konzept erapassen.

Ech mengen, et ass wichteg, datt mer hei e Lycée hunn, fir dat, wat eigentlech dee groussen Défi ass a wat ganz dacks an der Vergaangenheet de grouss Problem vun de Sportlerinnen an de Sportler war, déi dräi ënner een Hutt ze bréngen: engersäits d'Réussite scolaire, anerersäits d'Réussite sportive an drëtzens d'Intégration sociale. Alles dat huet fréier de Sportler zesummen, wéi hei décidéiert a gesot ginn ass, pardon, mat den Elteren zesummen, ganz dacks mat de Veräinsdelegéierten, ganz dacks mat de Federatiounen, war en eigentlech e bësse sech selwer iwwerlooss. Hei - mengen ech - kritt en elo eng Struktur, wou en niewent enger Struktur vun engem Lycée och all Kéiers en Tutorat derbäi huet, deen e Suivi régulier, en individuelle Suivi mécht vun de Sportlerinnen a Sportler an eigentlech op eng ganz Rei vu Gefore respektiv vu falsche Pisten hiweist, fir dauernd - mengen ech - am richtege Beräich ze bleiwen, fir eigentlech déi Talenter, déi hei ze fördere sinn, och optimal ze fördern.

Ech mengen, hei ass och eng Begebenheet, an et gouf schonn ugeschwat, wou mer eigentlech aus deem richtege Lëtzeburger Amateursmus erauskommen a wierklech e grouss Schratt no vir kommen, fir virun allem och eng professionell Ausrichtung ze maache vun eise Sportler, hin zu engem sougenannte Semiprofessionalismus, an ausrichten, datt se eventuell eng Kéier dee leschte Schrack zum Professionalismus kënne packen.

De Programme sportif - mengen ech - ass virun allem och deen, deen all déi eenzel Elementer opléicht. An ech zitieren se vläicht nach eng Kéier, well dat alles déi Wichtegkeet ënnersträicht mat der Koordinatioun mat de Federatiounen. Hei virun allem mengen ech och dat, wat d'Madame Lorsché ugeschwat huet, hei muss selbstverständlech eng gutt Zesummenaarbecht si mat de Federatiounen, awer och mat de Veräiner ënnerteneen, an ech mengen, et muss ee Konzept gemaach ginn, fir de Sport an d'Sportler zesummen, well soss komme mer effektiv net virun. An et kann effektiv net sinn, datt jiddweree seng eegen Interesse vertritt. An duerfir ass et ëmsou wichteg, datt mer dës Struktur kréien, well ech mengen, datt mer hei déi dräi Elementer och effektiv bündelen.

Selbstverständlech sinn och d'Koordinatioun an d'Zesummenaarbecht mat de Centres de formation vun deenen eenzelne Federatiounen ganz wichteg. Derniewent, mengen ech, de Respekt vun de Regele vum LTAD, wat eng gutt Ausrichtung ass, fir de richtege Training an Trainingsmethoden eriwuerzebréngen, d'Wichtegkeet vun de Séances matinales, déi virun allem genotzt solle ginn, fir och wierklech déi Form sech unzetrainéieren, déi ee brauch zu deene richtege Zäitpunkten, de mentalen Training. Derniewent awer och wichteg den Austausch, den internationalen Austausch iwwer Stagen, iwwer Kompetitiounen, déi virun allem hei eng ganz flott Plattform fannen, fir gemaach ze ginn, hin - mengen ech - bis zu eben och deene grouss Rendez-vousen, déi dann ustinn och fir déi jonk Sportler schonn, sief et iwwer EM, WM, sief et iwwert d'Spiller vun de klengen Länner oder sief et souguer elo schonn iwwer Olympiaden, déi ustinn.

Ech mengen, den Här Kartheiser ass zu Recht drop agaange wat d'Formation vun de Profen, awer och virun allem vun den Trainere betrëfft. Och déi ass ganz wichteg. An do ass et och gutt, datt mer ab nächstem Joer och d'Formation an der ENEPS anescht orientéieren, zesummen och virun allem d'Expérience vum kanadesche Modell usteieren an och hei een neien Know-how erabrëngen, och hei d'Formation vun den Trainere weiderentwéckelen, fir och déi der Zäit unzepassen an eigentlech och dem Sportler direkt unzepassen.

An deem Sënn - mengen ech - gëtt selbstverständlech och net hei vergiess niewent dem Sportlycée, wou mer jo d'Talenter aus dem Sport eigentlech fördern, och déi aner Lycée respektiv och Écoles fondamentales, awer och am Generellen, fir d'Kanner derzou ze bewege sech méi ze bewegen, méi gesond ze iessen. An hei verweisen ech nach eng Kéier op den nationalen Aktionsplang, deen a senger sechs groussen Achsen eng ganz Rei vu Punkten eriwuerbréngt, wou mer dësem Wee méi kënnen nogoen. D'Zäit erlaabt mer net hei, op dëse Punkt elo nach eng Kéier konkret anzegeen.

Wichteg ass awer och, mengen ech - an ech mengen, dat gouf schonn hei ernimmt -, datt mer niewent dem Sportleche virun allem och kucken, datt mer och d'Sportler an enger Rumm behalen, wou se dauernd medezinesch, paramedezinesch iwwerwaacht ginn, och déi richtege Berodung kréien, sief et iwwer Ernährung, sief et och fir op d'Geforen hinzewiesen, wat dee ganze Volet vum Dopage betrëfft, a virun allem och hei, wat de medezinesche Beräich betrëfft, dee gudder Suivi, dee gemaach gëtt zesumme mat der Fecher Klinik, wat d'Blessur betrëfft, wat d'Laangzäit vun de Bles-

suré betrëfft, wat virun allem och den Heelungsprozess betrëfft. Op alles dat kann ee relativ schnell reagéieren a kritt een Erfahrungswäerter, déi een an Zukunft ka verbesseren a richtege auswäerten.

Ech mengen, de Sportlycée hei bitt e richtege Créneau, fir nei Ambassadeure vu Lëtzebuerg dobaussen ze schafen, Ambassadeuren am Sport selbstverständlech, mä ech mengen, et sinn de Moment fir Lëtzebuerg an et ware ganz dacks fir Lëtzebuerg déi richtege an déi besch, déi mer hei no bausse konnte weisen.

Ech mengen, d'Resultater, déi an deene Joren, wou de Sportlycée elo als Pilotprojet fonctionnéiert huet als Annex zum Lycée Aline Mayrisch, weisen eis awer, datt an deenen eenzelne Sportarten, Équipementsportarten wéi Basket, wéi Handball, wéi Dëschttennis, wéi Fussball, wéi Badminton, wéi Volleyball, an Eenzelsportarten, wéi Schwammen, Judo, Karate, Vélo, Turnen oder Leichtathletik mer wierklech flott Resultater scho konnten opweisen, sief dat bei de Spiller vun deene klengen Länner, mengen ech, wou zwee Drëttel vun de Medaile bal koume vu Sportlerinnen a Sportler, déi aus dem Sportlycée koumen. Sief et awer och virun allem an der Preparatioun op d'Spiller vun 2013 vun deene klengen Länner hei zu Lëtzebuerg, wou ech awer iwwerzeegt sinn, datt och hei dee gréissten Deel vun der Équipe aus Sportlerinnen a Sportler aus dësem Lycée wäert kommen.

An dann, mengen ech, soll een net verkennen, datt och een Teilnehmer vun der Olympiad 2012 zu London, de Raphaël Stacchiotti, aus dësem Sportlycée kënnt. An ech sinn iwwerzeegt, datt 2016 - a véier Joer - nach méi der aus dësem Lycée wäerten eriwuerkommen. An och sinn do d'Erfolleger, déi bei EM a WM erziilt goufe vun eenzelne Sportler wéi dem Bob Jungels an dem Julie Meynen, fir nëmmen déi ze nennen, anerer am Judo, am Karate an awer virun allem awer och d'Juniorinnen, wat den Dëschttennis betrëfft. Och déi Resultater kommen duerch gezielten Opbau, deen am Sport gemaach gouf, eng mental Begleedung, eng medezinesch Begleedung, déi - mengen ech - eigentlech optimal Konditiounen duerstellen, fir eist Land och virun allem international, um Weltniveau eigentlech opzerichten.

Et ass och flott, mengen ech, datt mer niewent dem legale Kader vum Sportlycée et och fäerdegbruecht hunn, an dat mat enger ganz gudder Zesummenaarbecht mat Bâtiments publics, datt mer do och déi Infrastrukture fäerdeg kruten zum richtege Zäitpunkt, engersäits, wat d'Schoulgebaier direkt selwer betrëfft. Bis elo gouf a Containeren ënnerriicht. Ab der Rentrée wäert e Schoulgebaier fir maximum 450 Kanner prett sinn. Derniewent hu mer och um INS selwer probéiert, e Stack anzerichten, wou ee Pilotprojet fir en Internat ka fonctionnéieren, wat mer och hei opgrond vun deenen Erfahrungen dann nach eng Kéier wëllen ausbauen op 40, 50 Kanner. Och d'Personal ass an dësem Projet de loi mat virgesinn. An derniewent ass et - mengen ech - och esou virgesinn, datt als zweet Phas elo eng Sportshal wäert opgeriicht ginn. Dat virun allem och, fir d'Déplacement bis elo an d'Coque an an aner Sportshale vun anere Lycéeën ze vermeiden an eigentlech och do Zäit ze gewinnen, fir konkret nach méi laang kënnen an Training ze investéieren.

Zum Schluss, mengen ech, déi Ureegung, déi säitens dem Tessy Scholtes kouw, ass ganz richtig. Och déi Iwwerleeungen hu mir gemaach. De Moment komme mer iwwer eng Begleedung, e Suivi vum Athlet bis zur Première hin. An duerno, mengen ech, ass en net ganz eleng, well en huet eng Rei Ënnerstëtzung iwwert den COSL, deen eng Hand mat upeekt, iwwert den Directeur sportif do. Hien huet och eng Ënnerstëtzung sécher bei enger Rei aner Leit, déi iwwert d'Federatiounen em hëllefen, mä mir müssen eis awer eng Cellule opbauen a mir wëllen eis eng Zort Guichet unique opbauen, zesummen aus eiselem Département, zesumme mam Sportlycée, zesumme virun allem awer och mam COSL, wou mer kucken, den eenzelne Sportler och duerno ze begleeden, fir och dee Schléck eriwuerzebréngen. An ech mengen d'Iddi ass och do, am CÉDIES selwer eng Formation unzebidden, datt och déi méi spezifesch ka sinn, fir och bei de Sportlerinnen a Sportler hei eng Hand mat unzepaken.

An dann, mengen ech, soll een de leschte Volet awer och net vergiessen: No enger Carrière sportive ass och nach eppes. An och da muss ee preparéiert sinn, wéi een da ka virukommen.

► **Une voix.**- Da kënnst d'Politik!

(Hilarité)

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.**- Och dat ass ee wichtige Schrëtt.

Wann déi heiansdo kënnst, déi kënnst natierlech net bei jiddweregem, Här Gibéryen. Mä déi ass selbstverständlech ganz present de Moment hei. Dat ass och gutt esou,...



(Interruption)

...well een...

Ech fänke bei mir selwer un. Ech war ni een Héichleeschtungssportler, Madame Brasseur. Duerfir kann ech net direkt...

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Awer Trainer a Footballspiller.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*.- ...do matschwätzen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...et ware lauter duerchtrainéiert Leit, déi hei geschwat hunn.

► **Une voix**.- Très bien!

(Hilarité)

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*.- Bon, ech mengen, datt et och wichteg ass...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Beim Rapporteur ugefaang, beim Minister opgehale. Alles duerchtrainéiert Kierperen.

(Hilarité)

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*.- Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt domat eigentlech just soen, datt niewent deem schoulesche Werdegang, selbstverständlech och no enger Sportcarrière, no enger flotter Sportcarrière, och duerno nach muss gekuckt ginn, datt de Sportler richteg preparéiert ass, fir och an eng professionell Carrière eranzegoen.

An an deem Sënn soen ech jiddwerengem e grouse Merci fir déi grouss Ennerstëtzung fir dëse Projet. Mir mussen och an Zukunft viruschaffen. An ech sinn iwwerzeegt, datt dëse Sportlycée an d'Schülerinnen an d'Schüler, déi do erauskommen, eis vill Freed wäerte maachen.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président**.- Merci dann och nach dem Här Sportsminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6365 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6365 ass ugehoill mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Serge Wilmes);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Dierich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Josée Lorsché), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6313 iwwert d'Carte d'identité vum Corps diplomatique. Hei ass d'Riedezeit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo just ageschriwwen: déi Hären Eischen a Kartheiser. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Ben Fayot, deen de Rapporteur vum Projet, den Här Marc Angel, ersetzt. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

10. 6313 - Projet de loi relatif à la carte d'identité pour les membres des Corps diplomatique et consulaire résident et les agents de l'Union européenne et des organisations internationales ayant leur siège au Luxembourg

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Ben Fayot** (LSAP), *en remplacement de M. Marc Angel, rapporteur*.- Här President, wéi Der gesot hutt, ass de Rapporteur, de Marc Angel, am Ausland fir d'Chamber, an e biet och, hien ze entschëlegen, dass en haut net kann hei sinn. Ech probéieren, en esou gutt, wéi dat méiglech ass, ze ersetzen.

Här President, zu Lëtzebuerg gëtt et Ambassaden, et gëtt Konsulater, et gëtt europäesch an international Institutiounen. D'Personal dovunner ass ënnerschiddlech. Et sinn Diplomaten, héijer Beamten, mä och administrativ Personal, Chaufferen an Hauspersonal. An derbäi kommen d'Famillje vun deene Leit. An da gëtt et Persounen, déi och Éirekonsul vun engem frieme Land hei zu Lëtzebuerg sinn, mat deem se sech besonnesch verbonne fillen.

Hir Situatioun gëtt vun internationalen an europäesche Verträge a Protokolle bestëmmt, déi am Artikel 1 vum Gesetz opgezielt sinn. E gemeinsame Privileg fir déi verschidden Zorte Leit ass d'Dispens vun den übleche Formalitéite fir d'Immigratioun an den Openthalt zu Lëtzebuerg. D'Openthaltsgenehmegung besteet dann aus enger Diplomatekaart oder enger Legitimationskaart, déi alle béid vum Ausseministère ausgestallt ginn. D'Diplomatekaart ass fir Leit mat engem Diplomatestatut. Dat sinn diplomatesch Agenten an och héijer europäesch an international Beamten. Dee Corps diplomatique ass par définition résident... Pardon, de Corps diplomatique ka résident oder net résident sinn. De konsularesche Corps ass par définition résident. Duerfir ass am Titel vum Gesetz „résident“ ouni S geschriwwen, well dat Adjektiv sech exklusiv op consulaire bezitt. Et muss een dat wëssen, fir deen Titel ze verstoen, an déi Formulatioun ass dann och vläicht fir een, deen dat net weess oder d'Gesetz net esou prezis kennt, e bëssen irreführend.

D'Legitimationskaart ass fir dat Administrativ, Technesch am Dénsgscht vun den Diplomaten an Hauspersonal, dat net um Lëtzebuurger Aarbechtsmaat rekrutéiert gëtt an dat an den Ambassade respektiv fir Agente mat engem Diplomatestatut schafft.

2011 ware beim Lëtzebuurger Ausseministère 174 diplomatesch Missiounen an Delegatiounen accreditéiert. 22 Länner hunn eng Ambassade, déi zu Lëtzebuerg résidéiert. 132 Ambassade résidéieren zu Bréssel.

2011 goufe 96 diplomatesch Kaarten ausgestallt, an 88 Legitimationskaarten, also insgesamt 184 Kaarten. 87 Diplomatekaarte goufe verlängert. D'Kaarten, déi elo am Gebrauch sinn, sinn duerch en Arrêté grand-ducal vum 13. März 1954 definéiert a stamen also aus enger Zäit, wou d'Kaarten nach ganz anerer waren. Dës Kaarten entsprechen den heitege Sécherheetsnormen net méi, well se aus cartonnéiertem Pabeier bestinn.

An Diplomaten a héijer Beamten aus den Net-EU-Länner, déi zu Lëtzebuerg accreditéiert sinn, hu regelméisseg Problemer op de Bausegrenze vun der Europäescher Unioun dowéinst, well d'Grenzpolizei déi Kaarten oft als net méi gültig betruecht. An dës Kaarte stellen natierlech dann och eng Dispens vu Visa fir den Titulaire duer. An d'ofir ass et wichteg, dass se iwwerall uerkannt ginn. Et geet also drëm eng nei Zort Kaart anzeféieren, déi den heitege Sécherheetsnormen entsprécht. An dëst Gesetz schafft d'legal Basis d'ofir.

Da gëtt och nach de Champ d'application op déi international Beamten ausgeweit, d'Situatioun vun de Familljemembere geregelt an d'Dauer vun der Validitéit vun de Kaarte festgeluecht. Et gëtt och eng Kaart fir d'Identifikatioun vun den Honorarkonsulen agefouert, déi awer keng spezifesch Avantagen iergendenger Natur enthält, also just en Ausweis ass fir de Fall, wou se esou ee bräichten.

Déi zoustänneg Kommissioun huet den ursprüngelechen Text amendéiert an deem Sënn, dass Kanner vun de Kaarteninhaber net méi all Joer e Certificat de scalarité mussen aschécken. Doduerch gëtt de Verwaltungsofwand fir de Ministère a fir déi europäesch Institutiounen méi kleng. Dëst gëllt bis zum Alter vun 18 Joer. Do kann d'Recht op eng Kaart fir fënnf Joer bis zum Alter vu 27 Joer verlängert ginn. A bei där Demande fir d'Prolongatioun muss dann e Certificat de scalarité virgeluecht ginn.

E weideren Amendement betrëfft d'Dauer vun der Kaart fir Persounen, déi am Dénsgscht vun europäeschen Institutiounen an internationalen Organisatiounen sinn. Et war virgesinn, déi Kaart fir fënnf Joer auszustellen. Wann d'Mandat vum Détenteur net limitéiert ass, bleift d'Dauer vu fënnf Joer bestoen. Wann d'Dauer vum Mandat zum Beispill op sechs Joer beschränkt ass, wéi dat zum Beispill de Fall ass fir d'europäesch Cour des Comptes, gëtt d'Dauer vun där Kaart dorobber alignéiert.

Dat sinn, Här President, déi Haaptbestëmmunge vun deem Gesetz. An ech bréngen dann auch natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Fayot. An den Här Eischen kritt elo d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här President. Mir bleift no deem ausféierleche Rapport vum Här Fayot...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Très bien!

► **M. Félix Eischen** (CSV).- ...respektiv och vum Här Angel soss näischt méi ze soen, wéi den Aval vun der CSV-Fraktioun ze ginn.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Eischen. Den Här Kartheiser, wann ech gelift.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un de Rapporteur, an zwee Kommentaren.

Den éischte betrëfft d'Behandlung vun den auslänneschen Diplomaten zu Lëtzebuerg. Ech mengen, déi Erliichterungen, déi an deem Gesetz sinn, si sécher ganz positiv ze gesinn, well et d'ofir een net vergiessen, datt d'Behandlung vun den Diplomaten a vun den héijen auslännesche Fonctionnaires och e Standortfaktor ass fir Lëtzebuerg. An et ass scho wichteg, datt déi Leit, déi jo awer wierklech net onwichtig sinn, sech hei am Land och wuelfillen an och gutt behandelt ginn.

D'ofir muss een och soen - Här Minister, an ech géif lech dat un d'Häerz leeën, fir et och Äre Kolleegen aus de Finanzen ze soen -, datt verschidden Onflexibilitäten, déi heiansdo bestinn, notament a Steier-, Enregistrementsfroen oder och bei den Distinctions honorifiques fir auslännesch Diplomaten, datt déi wa méiglech ze évitéiere sinn, notament well et jo och eist Land näischt kascht, well de Prinzip vun der Réciprocitéit gëllt a well et heiansdo Problemer mat Lëtzebuurger Verwaltungen gëtt. An dat ass sécher net gutt fir eis Image de marque géintwuer deene Corpsen. Also, et ass scho wichteg, datt Der och de Finanzminister op déi doten Aspekter opmierksam maacht.

Dann eng zweet Bemierkung: Am Gesetz ass elo och eng Regelung, datt déi gläichgeschlechtlech Koppelen, d'Conjointen uerkannt ginn, datt déi och dann eng Carte d'identité diplomatique kréien. Wa se also e Mariage oder e Pacs hunn, do muss een ebe just oppassen, datt dann och déi Form vu Partenariat an deem Land uerkannt ass, wou déi Leit hierkommen, dat heescht am État accreditant, an net op eng Lëtzebuurger Regelung baséieren, wann déi an deem Land net uerkannt ass. Well et ass jo dat Land, wat decidéiert, wie mir hei op eis Liste diplomatique un éischer Plaz setzen, well si jo den Agrément fir déi Leit mat dann hirer Famill froen.

Also et ass einfach wichteg, datt mer dann do d'Prozedur respektéieren an hei keng Akte vum État civil setzen, déi da bei deenen Diplomaten am Ursprongsland net géifen uerkannt ginn.

Mat deenen zwou Bemierkungen ginn ech awer ganz gär den Accord vun der ADR fir dëse Projet.

Villmools Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Kartheiser. An d'Wuert kritt elo den Här Ausseminister Jean Asselborn.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères*.- Här President, ech mengen, wat d'Substanz ugeet, géift Der mech vläicht dispenséieren nach eppes derbäizefügen. Wat den Här Fayot gesot huet am Numm vum Här Angel, dat war komplett. An déi zwou Remarqué vum Här Kartheiser huelen ech mer zu Häerz.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci. An domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6313 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6313 ass ugehoill mat 59 Jo-Stëmmen géint eng Nee-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6313 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth,

Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Serge Wilmes);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Dierich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou decidéiert.

Eisen nächste Projet de loi ass de Projet 6433, en Accord iwwert d'Kooperatioun tëscht den EU-Memberstaten an Indonesien. Hei hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen a Braz. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

11. 6433 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la République d'Indonésie, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Jakarta (Indonésie) le 9 novembre 2009

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Ben Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, dësen Accord-cadre fir d'Partenariat an Zesummenaarbecht zwësche Lëtzebuerg an Indonesien ass géint den Hannergrond vun de Relatiounen zwëschen de Länner vun Südostasien an der Europäescher Unioun ze gesinn. Déi Relatiounen ginn op d'70er Joren zrëck. 1967 hu bekanntlech fënnf Länner a Südostasien, nämlech Thailand, Indonesien, Malaysia, d'Philippinen a Singapur, d'ASEAN gegrënnt. Dat ass op Englesch Association of Southeast Asian Nations, an op Franséisch ANASE, Association des Nations de l'Asie du Sud-Est.

An den 80er an an den 90er Jore si fënnf weider Länner derbäi komm, nämlech Brunei, Vietnam, Laos, Myanmar a Kambodscha. Papua-Neuguinea - dat onofhängegt - huet e Beobachterstatus, an Osttimor huet gefrot, fir Member ze ginn.

Dat ass eng Populatioun vun annähernd 600 Milliounen Awunner aus ganz ënnerschiddleche Länner, mä déi eng formidabel Wirtschaftsdynamik un den Dag leeën.

1980 ass en Accord zwëschent der europäescher Gemeinschaft an der ANASE ënnerzeechent ginn, deen de Kader vun de bilaterale Relatiounen zwëschent de fënnf Länner mat de Länner vun der deemoleger Gemeinschaft festgeluecht huet.

2004 huet d'Europäescher Unioun ugefaang Accords-cadres de partenariat an och vun Zesummenaarbecht mat deeneselwechte Länner auszehandelen. D'Iddi war an ass - dat ass de Fong vun der Saach - e Préalabel fir Négociatiounen, fir e Fräihandelsafkommen zwëschent der Unioun an den ASEAN-Länner ze schafen. Viréwech soll geholl ginn, dass e Gesamtaccord zwëschent der ASEAN an der Europäescher Unioun wéinst der grousser Verschiddenheet vun de südostasiatesche Länner net méiglech ass, an d'ofir gouf op bilateral Verhandlungen zréckgegraff.

D'Négociatiounen fir d'Accordé fir Partnerschaft an Zesummenaarbecht goufen 2007 mat Indonesien ofgeschloss. Indonesien huet deen Accord am Juli 2009 paraphéiert, an e gouf am November 2009 ënnerschriwwen, a gëtt haut mat deem Gesetz fir Lëtzebuerg ratifiéiert.

Insgesamt geet et der Europäescher Unioun drëm an dëser Géigend, wou d'Influenz vu